D'Spatte lößen d'Bem mer bucken
Soten all: mer dun eist bäscht.
Löß eis nach e wëneg brucken
Steige muß en all eis läscht.

D'Riewwe se huet mer och äng Sechen
Niechter owend scho verzielt
Vun dem allerbäste Grechen,
Den se fir dech ouserwielt.

Löß e wëneg nach gewärden
Bauer o da gett et Fred
Kuck mat weiße Wolkenhärden
Fiirt jo d'Sonn nu schuns op d'Wed

An den Himmel kuckt sö frendlech
Grad ass wann e schwätze gëw:
Ass der Äppes, so em t mendlech,
Wäll ech weeß du bass em lëw.

Wels de Blummen, Blëe, Bliedder
Fruucht an Uebs a d'Graas och größ:
So et! O dad schäste Wiedder
Huet e jo fir dech am Schöß.

Jan, du wärs och net vergießen
Fir deng fra de Wäsch a Himmel
An de ränge feine Fließen
Soll hir blëen wi de en Himmel.

An ech mängen och nach halwer
Häs de gären nach allt wuol
Schë jong Fillen, leschteg Kalwer
An och Lämmercher äng Zuol.